TC Diekirch- TC Steinfort Seniors Hommes Tour 3 Nationale II

Résultat : 0-10,5

No engem verluerenen Match schreiwt sech sou ee klengen Commentaire net einfach zemols wann eng Renconter op 0 verluer geet. Mier wossten jo schon am Vierfeld dass et fier eis just geing dremgoen fier alles ze gin an ze hoffen dass mer vlait mat ganz vill Chance an glecklechen Zoufäll geint eng vlait net ganz ekippert stengeforter Ekipp keinten 1 Punkt kreien. Mais daat mat der net kompletter Ekipp waar schon um halwer 10 gelaaf, si sinn mat 6 ganz staarken Spiller komm an déi Saach mat den glecklechen Emstänn huet sech och am Laaf vum Daag och als verluerenen Hoffnungsschimmer erausgestallt; well mer och nach 3 Matcher an 3 Sätz verluer hun an den Dustin sech verletzt huet an doweinst schon een Dubbel vun fieran als verluer huet missen ugesinn ginn.

An der eischter Rotatioun huet den Laurent geint den Becerra Mario den Dustin geint den Riggs Daniel (deem sei Bop Bobby Riggs wann ech daat richteg verstaaen hun d'Nummer 1 op der Welt waar ☺) an ech geint den Mariotto Julien gespillt. Well ech iwwert 2 Stonnen gespillt hun kann ech leider net vill iwwert dem Laurent an dem Dustin sein Match soen, just dass et anscheinend zemols am 2ten Saatz zimlech enk Matcher waaren mat eeben dem besseren Enn fier d'Spiller vu Stengefort.

Ech fier mein Deel hun den eischten Satz gewonn an och zimlech gudd gespillt, awer am 2ten an am 3ten Saatz waar de Julien besser och wann ech déi op 1 an 2 verluer hun, waar et net sou kloer well ganz vill jeuen iwwert égalité goungen, ech oft meng Chancen haat mais se net genotzt hun mais daat awer och oft well hien grad dann gudd gespillt huet. Ech hätt natierlech gäer desse Punkt fier eis Ekipp kritt well wann een wees dass dono den David geint den Frank Wintermantel an den Kevin geint den Muller Daniel mussen untrieden dann wees een dass just nach eppes beim Jens dran waar an zwar geint den sympateschen Chikhaoui Samir.

Iwwert dem David an dem Kevin sein Match brauch een net souvill ze soen si sinn einfach op Tennispiller gefall déi e puer Niveauen iwwert eis spillen, dann dauert een Match par définition net laang, an daat waar dun och de Fall.

De Jens huet een bombasteschen eischten Satz gespillt an vlait wann déi kack Schaueren net komm wieren hätt hien nach kennen mei laang geint den Samir dogeint haalen, mais no enger zimlech langer Reepaus huet den Samir op enger ganz naasen awer gudd spillbaren Terrain emmer besser gespillt an dono och verdengt an 3 Sätz gewonnen.

Natierlech waar eis all bewosst dass mier null Chance hun 3 Dubbelen ze wannen mais mier wollten awer weinstens een wannen, mais och daat ass eis net gelongen den Laurent an de Jens hun no ganz staarkem Match an haardem Kampf 6-10 am Matchtiebreak geint Mariotto

an Chikhaoui verluer. Den David an de Kevin hun op 3 an 2 geint d'Paarung Riggs/Becerra verluer awer net ouni e puer richteg schéin Punkten ze wannen.

Trotz der herber Néierlaag mussen mer lo rem no fier kucken an mier fueren e Samsdeg op Beetebuerg mam Ziel fier ze wannen. Daat eenzegt positivt un deem Match waar dass mier deen ganz dobaussen konnten spillen well no 30' Schaueren stoung quasi alles enner Waaser an awer hun souwuel eis Dammen an mier eis Matcher konnten ganz fäerdeg spillen.

Fazit vum Daag: Wann Stengefort all Match mat däer do Ekipp spillt dann wäerte se kee Match verléirenen daat steet mol fest.

Déi nächst 3 Matcher spillen mier lo zu Beetebuerg, zu Gréivenmacher an doheem geint Esch, dat sin alles Matcher déi mer wannen kennen wann mer all um Maximum spillen, well och 6 Spiller vun Dikkrech an Topform (egal ween gespillt hätt) geint des 6 Spiller vu Stengefort kennen baal net wannen, sou éierlech muss een sinn.

Mais och des 6 Spiller vun Stengefort mussen och net wéit fueren fier eng deck geleffelt ze kreien daat steet och fest! Schéinen Sonndeg!

Cu Pascal